

# WANDROUS


**DIGITAL** 34 JOËR WANDROUS

N° 323 Broochmount / Heemount 2009

juin / juillet




Kënnst 11 mol pro Joër eraus / Abonnement 20,00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: **Claude GOERGEN**

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschéken: Groupe LBB  
email: wandrous.lionsbleus@pt.lu / Tel.: 42 22 20 / Fax.: 42 52 79  
<http://www.lionsbleus.lu>

Hues du d' **WANDROUS** net gelies?™





Et ass knapps eng Woch hier, dat mir alleguerten am Home Dein 75sten Gebuertsdaag konnten feieren. Et woren der vill denger Invitatioun gefollegt, vir mat Dir en flotten Owend ze verbrennen. Wochen virdrun has Du nach drop gehaalen vir deng Feier nach virun der grousser Vakanz ze maachen, well Du wolls op keen Fall vun ons goen, ouni nach eng Keier all deenen Leit, dei s'Du gären haas, eng Freed ze maachen.

Schons seit geraumer Zeit haas Du gesoot "et ass souwisou mein lescht Joer", an mir hun daat alleguerten guer net esou eescht geholl, wel, opschons Du seit längerer Zeit Schwieregkeeten haas mat denger Gesondheet, bas Du emmer erem am Home opgetaucht. Et ass och kaum en Camp vergaangen wous Du net bei Deng Jongen an Medercher komm wiers, an no denger Taas Kaffi gefroot häss.

Mir haaten keng Ursaach ze erwaarden dass Du esou seier aus onsem Krees geruff geifs ginn. An den leschten Meint hues Du dech, wanns Du ons eppes gesinn hues schaffen, bekloot dass Du esou gären geiffs eng Hand upaaken mee Gerard du kanns berouegt sinn, well daat eenzegt waat mir kënnen soën, daat ass: MERCI!  
Merci vir all dei vill Aarbecht deis Du an all deenen Joren bei den Lions Bleus gemaach hues.

Wei oft kruten mir den Kapp gewäsch, an Du wors net zimperlech mat dengen Wieder, mee wei soos du emmer "ech schwätzen wei mir den Schniewel gewuess ass", an et ass Dir och emmer gelongen den Groupe um richtegen Wee ze haalen.  
Du hues an denger laanger Scoutscarrière genug geschafft, an et ass elo un Dir vir dech auszeraschten.

Du bass elo dem Krees vun all dengem Kollegen an Frönn, dei virun Dir geruff gin siin, beigetratt, an mir versecheren Dir dat mir Dech nött wärten vergiessen!

SALUT BISON

## Pressestimmen

“Es passt zwar nicht in Ihre Blechdose, erleichtert das Überleben trotzdem ungemein: “Survival total” von Hugh McManners. Also besser erst mal auswendig lernen und dann abstürzen, verlaufen oder sonstwie das Leben aufs Spiel setzen.” (Men’s Health 07/2000)

## Kurzbeschreibung (www.amazon.de)

Dieses mit über 950 Farb-Abbildungen illustrierte Buch basiert auf den in jahrzehntelanger Erfahrung perfektionierten Ausbildungsinhalten der britischen Eliteeinheit »Royal Marine Commando«. Es stillt selbst den stärksten Survival-Wissensdurst in einer gelungenen Mischung aus detailgetreuen, aussagestarken Farbfotos und anschaulichen Texten aus der Feder eines Top-Experten.


## WISSEN KANN LEBEN RETTEN

Es ist unmöglich genau vorherzusagen, welche Katastrophen sich ereignen können und daher ist es auch unmöglich bestimmte Überlebentechniken zu lernen, um auf alle Möglichkeiten vorbereitet zu sein. Es ist wesentlich wichtiger, die grundlegenden Survival-Prinzipien zu begreifen, als mechanisch irgendwelche Techniken auswendig zu erlernen, da die meisten Techniken sowieso immer wieder den jeweiligen Umständen angepaßt werden müssen. Egal, wie gut Sie auch ausgebildet sind, es wird nie leicht sein; haben Sie sich jedoch die Grundlagen angeeignet, dürften Sie auch in der Lage sein, sich einer Vielzahl unterschiedlicher Situationen anzupassen.

Die physikalischen Grundgesetze, auf denen alle Arbeit basiert, sind oftmals vor lauter moderner Technik nicht mehr zu erkennen. Wir haben für sämtliche Aufgaben eigene Maschinen entwickelt, die uns die Arbeiten abnehmen sollen, die andernfalls einen Großteil unserer Zeit in Anspruch nehmen würden. Wir haben darüber jedoch die physikalischen Zusammenhänge vergessen, ohne die von unseren improvisierten Werkzeugen bis hin zum Wetter, nichts funktionieren würde.

Auch wenn wir in unserem bisherigen Leben vielleicht schon eine ganze Menge gelernt und verstanden haben, so ist doch vieles davon irgendwo tief in unserem Gehirn verborgen und läßt sich nicht so ohne weiteres im Alltag anwenden. Das Leben in der Stadt läßt uns allgemein unflexibel werden, wenn es darum geht, unser vorhandenes Wissen auch praktisch anzuwenden – gerade weil wir dort normalerweise nie in Situationen geraten, in denen wir keine andere Wahl haben als zu improvisieren, wenn wir überleben wollen.

Secher net dat prakteschst an bescht Buch wat ech an menger Bibliothék ennert dem Thema “Survival” stoën hun. Et ass virun allem nèt gëeigent vir an den Rucksack ze stéchen



(sou wi dat z.B. beim Nehberg sengen Bicher geduecht ass). Awer et ass en “schéint” Buch wat sech secher besser égent vir mat Kanner dat Thema unzegoën. Well en Bild méi an méi précies kann duerstellen an erklären wéi en langen Text, ass dëst Buch secher ideal vir sech an dat Thema mat Kanner eranzeschaffen an och di verschidden Saachen auszeprobéieren. Illustriert mat villen gudden Fotoen, Graphiken, Molereien deckt dëst Buch en Groussdél vun der ganzer Palette vun dem Survival-Thema of. Wat secher iwwerzégt ass dat den Auteur op d’mannst alles eng Kéier ausprobiert huet, an sief et nëmme vir d’Buch ze maachen, wat én net vun allen Survival-Bicher kann behapten. Vill Autoren ernennen sech selwer zum Fachmann, an schreiw den déi Saachen aus allen Bicher déi si interesséieren of, ouni allerdengs ze iwwerpräiwen op dat dann och alles funktionéiert. Di ëmfangräich Bibliographie hannen an dénen Bicher weisen dann net onbedengt drop hin dat den Auteur vill gelies, mé virun allem vill kopéiert huet; inklusiv d’Fehler an d’Kaalvereien.

Secher hun se sech ganz vill Arbecht gemach vir dëst Buch hierzustellen, allerdengs muss ech bemängelen dat së mat momenter wierklech opwänneg Maquetten gebaut an photographéiert hun, vir un sech zum Schluss wéineg domadder ze weisen oder ze erréchen, esou dat et mir virkënt wi wann së frou waren wann halt erëm eng hallew Säit geféllt wor. En Buch wat ech un sech gutt géiw bei den Scouten gesin, vir vielleicht sënnvoll Activitéiten an der frëscher Loft ze maachen.

Rat bricoleur

# Souche Misäraqua 2009



Et as esou wäit ! D'grouss Vakanz reckelt emmer méi no, an gläich heescht et :  
Fun on the Beach

Du bass invitèiert fir **vum 18. Juli bis den 27. Juli** bei eis op d'Insel „Aquadroki“ ze kommen an eng bommen Stëmmung, super Programm an tonnen nei Leit kennen ze léieren! An ween wees, villaicht gess du mat denger Troupe den nexten „Man of the Island“? Du hues bestëmmt schon héieren, dass nët nemmen ären Groupe hei vertrueden as, nee: um Misäraqua sin d'Capitän Piwitschen, d'Lions Bleus vun Bouneweg, d'Panthères Noires vun Luerentzweiler, d'Dippescher Dachsen an d'Mamer Wiselen vertrueden! Mier freen eis op dech!

Hei elo nach zousätzlech Informatiounen :

**Ëischten Acompte :** 100 Euro (*Falls nach nët bezuelt*)  
**Zweeten Acompte :** 150 Euro

**Mentioun :** Numm, Virnumm vum Kand, Grupp, Misäraqua 2009  
**Compte:** Manon Fischer (Chef vun de Lions Bleus vu Bouneweg)  
CCPL:IBAN LU69 1111 1943 4251 0000  
**Stechdatum:** bis **spéidstens den 10. Juni 2009**

**Apaackslescht:** Am nächsten Breiw, Enn Juni!

**Transport (ongeféier):**

**R.D.V.:** 14<sup>30</sup> Auer den 18. Juli 2009 zu Ettelbrëck  
(di eenzel Gruppen këmmen sech em den Transport)  
**Retour:** 14<sup>00</sup> Auer den 27. Juli 2009 op der Staater Gare

**T-Shirt:** Op all coolen Camp gehéiert natierlech och e coolen Camp-T-Shirt, deen kriss de um Camp geschenkt! Heifier brauchen mier deng Grësst (w.e.g. op der Souche ukräizen). Wanns du awer elo nach en **zweeten** wells (7 •), kanns de daat och dobai schreiwen.

**Fiche médicale:**

Am Unhang fann der eng Fiche médicale. Dës ass auszufëllen an bis den **13.Juni** un FISCHER Manon ze schëcken.  
(Dèi genee Adress steet ennen op der Fiche médicale)

Lénks Patt  
är Cheffen


**Souche T-Shirt( Oofzegin bei dengem Troupechef bis den 10.Juni 2009)**

**Camp-T-Shirt - w.e.g. Greisst ukräizen :**

<b>XS</b>	<b>S</b>	<b>M</b>	<b>L</b>	<b>XL</b>
<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>	<input type="checkbox"/>

Ech huelen fir 7€ nach en 2. Tshirt :  Jo  Nee

Datum : ..... Ennerschreft: .....





PR. AL. AUF



## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!  
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25  
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!





[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# JANGENDAACH

Fackelzuch Nationalfeierdaag 2009



F A C K E L  
Z U C H  
2 0 0 9



Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum Nationalfeierdaag um Faackelzuch vertraueden.  
Mit treffen ons Méindeg den 22. Juni um 20:45 Auer  
bei der Metzlererei Kaiffer op 77 Grand Rue L-1661 Letzebuerg

Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d' Guide, den Explorer, de Rover, d' Amicale  
an natiirlech net ze vergiessen eis léif Comitésmitglieder??

Richtig! eng **TIP TOP Uniforme**  
mat enger donkelbloer Jeans-Box  
mat engem Uniformshiem / Foulard  
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap

Daat ganzt huët och en Enn, an dén fént sech bei der aler Cathédrale's Sortie/Entrée  
an der Ënneschtgaas (rue Notre Dame) um 23:00 Auer

**JO** ech .....  
gin och dest Joër mat op den Fäckelzuch  
Ech sin mat Zäiten, an titopper Uniforme um Rendez-Vous.  
.....  
Elterenënnerschrëft

**an duerno gin mer en gudden Lions-Linger an d'Groussgaass bei d'Lions Bleus iessen.**

**D'Souche gin ech bis spéitestens den 20. Juni bei mengem Chef of.**

# Regenzeit

Der Wind pfeift, es schüttet, die Erde wird nass. Und wir werden es leider auch. Hanne Tügel erklärt, weshalb Regenschirme zwar weltpolitische Bedeutung haben, aber nur noch selten vor Nässe schützen

Es gibt handwerkliche Traditionen, die der moderne Mensch ausgemustert hat. Beispiel: die Kunst der Schirmmacherei. Der in einer niederschlagsreichen Zone lebende masochistische Normaleuropäer gibt sich als Regenschirmbesitzer klaglos mit Pfusch zufrieden. Er weiß, dass die Billig-Gebilde, die er gen Himmel reckt, starken Güssen und heftigen Böen nicht widerstehen werden. Sie sind, so ahnt er, gar nicht auf die Welt gekommen, um Nässe von ihm fernzuhalten. Sie dienen größeren und geheimnisvolleren Zwecken, die mit Welthandelsabkommen sowie interkontinentalen Allianzen und Konkurrenzen zu tun haben.

Deshalb verfrachtet man in einem fernen Land Tausenderpacks von Regenschirm-Attrappen in Container und hebt sie an Bord von Schiffen, die zwischen China und Hamburg oder Malaysia und Rotterdam pendeln; man füllt Papiere und Zollerklärungen aus, auf denen „Umbrellas“ steht; man lädt die Kisten ein und aus und um in Eisenbahnen und auf Lastwagen und in Lager, versieht die einzelnen Exemplare mit Preisetiketten und zieht sie über Kassenscanner. Das war's. Mission accomplished, das ökonomische Anliegen ist erfüllt.

Meteoro-psychologisch gesehen, fällt die Bilanz zwiespältig aus. Am Tag der Bewährung geschieht das Unausweichliche. Verbogen, zerknickt, geborsten beenden die Weitgereisten ihr Dasein nach der Begegnung mit Tief Nicolas oder Tief Olander. Der Besitzer wird nass.

Auch das gehört zum Kalkül. Betroffene fluchen, leiden, melden sich erkältet krank - und ergreifen umgehend die Chance, das nächste Schirm-Modell von weltumspannender Bedeutung zu erwerben.

Die eingespielte Routine hat eine lokale Nebenwirkung. Der Lehrberuf Schirmmacher und Schirmmacherin hat keine Zukunft mehr. Vorbei ist die Zeit, in der Auszubildende mit Kreismessermaschine, Prellstiftdraht und Kronrosette zu hantieren lernten, Dreiecksbahnen mit Rollsaum aneinandernähten und Schirmgriffe aus Kirschbaumholz drechselten. Vorbei die Zeit, in der Unikate geschaffen wurden, die Wolkenbrüchen jahrzehntelang trotzten.

Als die Welt noch übersichtlicher war, haben diese Modelle auch den Gang der Geschichte beeinflusst. Unvergessen die Schlacht von Waterloo, wo Offiziere des britischen Garderegiments den Soldaten Napoleons kühn mit aufgespannten Regenschirmen entgegenritten. Das Ende ist bekannt - Frankreichs Ruhm perdu, Napoleon auf St. Helena. Abgeschirmt, sozusagen.

Ein Gentleman im Geheimdienst Ihrer Majestät hat versucht, die englische Schirm-Herrschaft in die Neuzeit zu retten. Im Waffenarsenal von James Bond befindet sich ein Regenschirm, aus dessen Streben 15 Zentimeter lange Stahlkrallen hervorschießen, die sich beim Zuschnappen in den Hals eines Unholds bohren.

Vielleicht hat diese Szene den Anstoß für den sogenannten Selbstverteidigungsschirm gegeben, den jeder inzwischen für 139 Euro beim „Institut für Wertewirtschaft“ in Wien bestellen kann. Das „hochqualitative Produkt“ mit seiner „extrem stabilen Stoßspitze aus Metall“ ist ein „voll funktionsfähiger, eleganter Regenschirm“ mit tückischem Design. Die Griffandung ist weit genug, um Hals oder Bein des Gegners zu fassen, das Gesamtwerk laut Reklame „praktisch unzerbrechlich, egal wie hart der Zuschlag“.

Als Nutzer werden unter anderem Leibwächtereines früheren philippinischen Präsidenten vorgestellt. Ein Kanadier, der Polizei und Militär schult. Ein Kampfkunst-Trainer, der schwärmt: „Eine gute Investition für jene, die eine Waffe suchen, die sie überall mitführen können.“

Aber was, wenn das Teufelsding in falsche Hände fällt? Um Figuren mit allzu robusten schwarzen Schirmen sollte man lieber einen Bogen machen. Oder noch besser: zu Hause bleiben, wenn es stürmt und gießt. Und vom Fenster aus fremden Schirmen beim Scheitern zuschauen.



## POW-WOW 2009

Jo et as schons erëm esou wait, de Pow-Wow steet schons virun der Dier. Dëst Joër steet de Pow-Wow ënnert dem Thema „Scouten ouni Grenzen“. En Thema daat grouss gefächert as an wou fir kleng a grouss sëcher eppes do bai as. Mëllt Iech esou schnell wéi méiglech un, das dir och déi läscht grouss Fédéralaktivitéit mat äre Kollegen kënt erliewen!!!

**Rendez-vous:** Sonndes, den 12. Juli 2009 um 8<sup>00</sup> Auer um Glacis (aale Pärdsmaart) **an Tip-Toper Uniform (Uniformshierm an donkel blo Box)**

**Retour:** Sonndes, den 12. Juli 2009 um 18<sup>00</sup> Auer um Glacis.

**Präiss:** 10 Euro, sinn bis den 30 Juni 2009 allerspeidstens op den Compte vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mention: POW-WOW, Numm vum Participant(s) ze iwwerweisen

**Souche:** Dës ass bis den 4. Juli.2009 bei dengem Chef oofzegin

**Waat brauchs du nach esou:** Pic-Nic, dem Wëllefchen sëng 5 Saachen, Bidon, eppes fir op de Kapp, Sonnecrème an natiirlech gudd Laun.



Deng Cheffenéquipe:



Ech .....  
erlaaben mengem Beaver/Wëllef/Scout/Guide/Explorer

.....  
um Pow-Wow den 12. Juli 2009 deelzehuelen.

.....  
Ennerschrëft vun den Elteren:





# Janis Joplin

In jener Zeit, in der zottelige Langhaarige noch im Schlamm baden und sich die Blumen noch lieben, macht eine weiße Schwarze auf sich aufmerksam. Deren Hautfarbe zwar nicht schwarz, doch deren Art, den Blues zu singen für Weiße bis dahin äußerst ungewöhnlich ist.

Die Rede ist von Janis Joplin, einem behüteten Wohlstandskind aus einer kleinbürgerlichen Kleinstadt im Staate der Todesstrafe, der Waffenfetischisten und der kriegerischen Präsidenten - dem Staate Texas. Wenig unverständlich ist somit Janis' Entscheidung, mit ihrem damaligen Leben zu brechen und sich der neuen Subkultur der Hippies anzuschließen.

In der High School, in der sie den musisch-literarischen Fächern verfällt, erkennt die von Minderwertigkeitskomplexen gebeutelte Teenagerin ihre Leidenschaft und ihr Talent für den Blues. Anfangs kopiert sie dabei den Gesangsstil von Bessie Smith, Odetta und Leadbelly. Schon zu dieser Zeit üben Drogen, womit Dope Alkohol und vor allem Speed gemeint sind, eine außer-gewöhnliche Faszination auf sie aus. Woraufhin sie von Drogenexzessen angeschlagen für ein Jahr nach Hause zurückkehrt und dort versucht, ihr Leben in den Griff zu bekommen. Doch als ein alter Freund ihr eine Stelle als Sängerin in San Fransisco anbietet, entschließt sie sich dazu und trifft damit eine folgenschwere Entscheidung.

Mit der Band Big Brother And The Holding Company beginnt sie fortan, an der Bay-Area und anderen Orten Kaliforniens zu touren, wenig später unterschreibt die Band einen Plattenvertrag bei Mainstream Records, mit denen die Gruppe ein Album und zwei Singles veröffentlicht. Der eigentliche Durchbruch aber gelingt den Musikern im Sommer der Liebe, 1967, beim Monterey International Pop Festival, bei dem abgesehen von der Welt auch Albert Grossman auf den Psychedelic Rock der Big Brothers aufmerksam wird. Grossman, einer der erfolgreichsten und bekanntesten Entertainment Manager, nimmt sich der Band an und verschafft ihr einen neuen Vertrag bei Columbia Records, bei denen 1968 das populäre Album "Cheap



Thrills" veröffentlicht wird. Doch der Erfolg und die damit zusammenhängenden geringeren Geldsorgen fordern ihren Tribut, denn die Bandmitglieder setzen ihre inzwischen hohen Gagen nun in teure harte Drogen um und sind an Weihnachten 1968 nicht mehr in der Lage, die geforderte Performance bei Konzerten zu bringen. Außerdem wachsen die Differenzen innerhalb der Band, so dass sie in eben jener Zeit ihr letztes Konzert geben.

Im September 1969 veröffentlicht Janis mit einer neu gegründeten Gruppe das bluesorientierte Album "I Got Dem Ol Kozmic Blues Again, Mama", das in den USA auf geteilte Meinungen stößt, in Europa jedoch als grandios gefeiert wird. Zeitgleich verstrickt sich die junge Frau immer mehr im Lebensstil des Sex, Drugs & Rock'n'Roll,

bei dem sie von Anbeginn keine Anpassungsschwierigkeiten hat. Das unstillbare Verlangen nach Drogen kann bei ihr allenfalls von der Lust auf Sex übertroffen werden, bei dem ihr schnell auffällt, dass Sex mit Männern nicht das volle Spektrum abdeckt, worauf ihr das eigene Geschlecht mit einigen Affären aushilft. Die Lebensweise der knallharten, fluchenden, saufenden, vö-gelnden und Heroin drückenden Schlampe gibt Janis schein-baren Rückhalt bei ihrer rastlosen Suche nach Anerkennung. Da in den 60er Jahren Frauen im Rampenlicht ungleich schärfer der Kritik ausgesetzt sind, als Männer, und weibliche Vorbilder kaum als öffentliche Personen respektiert wurden, avanciert die Sängerin, trotz oder gerade wegen ihrer Eskapaden zur Ikone des Feminismus.

Schließlich begreift Janis, dass mit ihrem Leben etwas nicht stimmt und hört auf, sich mit Drogen voll zu pumpen. Daraufhin gründet sie eine dritte Band namens "Full Tilt Boogie Band", die professionellere und populärere Musik produziert. Mit dem einzigartigen Stil ihres weißen Blues glaubt die 27-Jährige nun endlich ihre Erfüllung gefunden zu haben, und ist - der Überlieferung nach - niemals glücklicher. In dieser Hochphase, in der ihr alles zu gelingen scheint, geht sie eine feste Beziehung ein und führt ein fast geregeltes Leben.

Doch bei den Aufnahmen für das nächste Album "Pearl" greift sie wieder zu Heroin und kann dabei die Vene nicht voll genug bekommen. Janis streckt das Heroin weniger als sonst und verpasst sich damit 1970 in einem Motel in Los Angeles unbeabsichtigt den goldenen Schuss. Laut Eric Burdon stirbt die Königin der Rockmusik nicht an einer Überdosis Heroin, sondern an einer Überdosis Janis. Das vierte Album, das nach ihrem Tod veröffentlicht wird, enthält die Songs "Me And Bobby McGee" sowie "Mercedes Benz". Es wird sofort zum Kassenschlager und macht die Sängerin zur Legende.

Nachdem Jimi Hendrix im September 1970 stirbt und sich Janis Joplin ihre Deadline auf den vierten Oktober des selben Jahres legt, gefolgt von Jim Morrison im Juli 1971, sind die drei Musiker zu Symbolfiguren der Hippie Zeit und der Hippie Kultur geworden.

www.laut.de

D'Janis Joplin wor an menger Jugend den Inbegriff vun allem "Verruchtem" an Verbuedenem, vun Sex, Drugs an Rock& Roll, an vum Dr. Sommer, Saachen wouvunner d'Elteren net esou gären geschwat hun, schliesslech wor d'sexuel

Opklärung nach nüt iwwert den Niveau vun der Bää an der Blimmchen eraus. Vum Janis Joplin kann ech mech allerdings nëmnen un seng puer Hit'er erënneren, secher well de Rescht vun sengem Material net kommerziell genug wor; Blues (an och nach vun enger wäisser Fra gesongen) stung wahrscheinlich net ganz Uewen op der Lëscht vun dénen Lidder di iwwert der Äther gaang sin.

Et ass schrecklech dat d'Janis, genau wi seng Schwëster Laura, nach haut kiint liewen. Schliesslech huet d'Janis niewend villen aneren Artisten och mat dem Joan Baez an dem Jo Cocker um Woodstock Festival gesong. Wat hat net esou jonk en mystérisen Drogendout gestuerwen wier, wier d'Janis wahrscheinlich net déi Ikon an den Mythos gin allerdings, hätt et ons nach kënnen gut Musek spillen an sängen. Mé et hätt net sollen sin, "live fast; die young" wor och secher him säin "ongewollten" Motto. Dat et awer nach Leit gin di mat him Musek gemacht hun, schéngt esouguer mir wi wann sē aus enger komplett aanerer Dimensioun, Zäit, Welt géifen kommen. Wéi soll dat dann op di Jugendlech vun haut wierken, wann ech selwer ëmmer erëm erstaunt sin dat esou "aler" souzesoen Dinosaurier nach liewen an esouguer nach schaffen an gut Musek maachen.

Rat bricoleur

## WANDROUS an éegener WANDROUS-Saach

Am November 1994 hun ech mäin éischten WANDROUS-Computer kaaf an hun och direkt ugefang mat . . . . . fluchen an rosen. Windows 3.11 (gaabs) wor net esou séier an all di aner Programmer nach männer, net dovunner ze schreiwen dat ech nach ni mat engem Computer geschafft hat.

Di éischt WANDROUS di ech erausbruecht hun wor d "WANDROUS Spéciale" wéi mer d'Home erweiert hun. Duerno ass di regulär N°162 November 1994 erauskomm.

Lo sin mer bei der WANDROUS 323 ukomm. An den Rimm läit elo definitiv erof.

Dofir hun ech mech dozou entschloss no der Sommervakanz net mi weider ze maachen. Meng lescht Editioun wärt N°324 (Juni-Juli-August) sin. Ons Rechengeniën wärten elo séier gerechent hun dat daat gené 162 regulär WANDROUSEN mecht (plus nach di eng oder aaner WANDROUS-Speciale) déi ech an bal 15 Joër gemach hun.

Et gët elo Zäit mer eng aaner Beschäftigung ze sichen.

D'Interessiën sin do, wouvir mer di Entschédung net schwéier gefall ass.

Natierlech bleiwen ech der zukünftiger WANDROUS-Redaktioun erhalen (ausschliesslech wann dat gewünscht ass) vir d'WANDROUS mat dénen villdiscutéierten "iwwerflëssegen" Artikel ze fëllen.



Di aktuell WANDROUS-Redaktioun

Claude Goergen

## Kurzbeschreibung / [www.amazon.de](http://www.amazon.de)

Der letzte Wunsch des an einem Gehirntumor leidenden zehnjährigen Pete ist es, im Dschungel einen überaus seltenen blauen Schmetterling zu fangen, dem magische Kräfte zugeschrieben werden. Als der berühmte Insektenforscher Alan Osborn einen Vortrag hält, bittet ihn Pete, ihn auf eine Expedition mitzunehmen. Osborn lehnt zuerst ab, lässt sich dann aber doch überreden, den auf den Rollstuhl angewiesenen Jungen und dessen Mutter mitzunehmen. Im Dschungel erleben alle drei eine Woche, die ihre Leben verändert.

## VideoWoche


Wohlmeinender Familienfilm um die wundersame Heilung eines Todkranken, der die internationale Besetzung angeführt von William Hurt und Pascale Bussières von Montreal nach Costa Rica entführt. Das mit vereinzelt Humor aufgelockerte und mit magischen Elementen gewürzte, märchenhafte Drama ist eine schöne Ergänzung im Family Entertainment.

En ertsaulen Film, esou erstaunlech dat ech drun gezweifelt hun dat et sech kiint em en amerikanesch Film handeln. Beim recherchieren fir des Critique hun ech dann festgestellt dat et sech em eng kanadesch Produktioun handelt. Den Genre ass zefill franséisch an net schmalzech genug vir dat et sech géiw em eng amerikanesch Produktioun handeln.

Effectif ass et en wirklecht kriddelecht Thema: é kranken Bouf gét mat engem egozetréschen an förmlech onfründlechen Forscher an den Dschungel vir en Dram ze erfüllen. Am Laaf vun dem Openthalt kommen se sech mi no, an et gët dann net nëmme eng Rés déi den Bouf soll hélen mé och den Forscher. Natierlech ass d'Geschicht net esou kompliziert esou dat bei mir d'Gefill opkomm ass dat all di "biologesch" Insekten- an Déieren Szenen e besseren dozou dengen den Film opzefüllen.

Natierlech spillt die ganz ethno-Szene eng grouss Roll: den Glawen un seng égen Kraft, d'Entdecken vun der Natur an déi verstoppten Spiritualitéit, di Empfindsamkét an d'Sensibilitéit vun engem stieweskranken Bouf, eng Mamm di einsam ass, dagdeglech mat der Krankhét vun hierem Bouf konfrontiert, an virun allem der Angscht vir hieren Bouf ze verléieren, den Forscher dén seng Fra an Duechter am stach geloss huet an säithier vum schlechten Gewëssen geplot em d'Welt gedriwwen get an Insekten asammelt.

Jidderén dén sech dësen Film ukukt ass iwwerzécht dat et sech em en typeschen Famijenfilm handelt, en Film dén geduecht ass vir op d'Trainendrüsen ze drécken, an dén mat



engem Happy End op ons waard.

Laut Ënnerlagen ass dësen Film allerdengs op eng reelle Geschicht opgebaut, wat mer ganz zum Schluss vum Film kënne liesen.

Ze schéin vir wouer ze sinn! Kënnen mer dësen Message notzen vir onsem Liewen eng aaner Directioun ze gin, vir ons verstoppten Kräften ze entdecken an ze mobiliséieren, oder ons virun An ze féieren dat an ons selwer onbekanntes Kräften drop waarden aus ons ervier ze bréchen?

Ech gléwen weder drun dat esou en Film di Macht huet, nach dat et ons géllt onst Liewen esou ëmzekrepelen, dofir sin mir zefill an onser Kultur verankert, an hoffnungslos materialistesches.

Egal wéi: et handelt sech em en léiwem am wertvollen Film, mé virun allem em en Film mat enger extrem positiver Ausstrahlung: en Film em Hoffnung, Léiw, Besënnung, Frëndschaft, Éierlechkét, jé all di Saachen di ons anscheinend ëmmer méi verluer gin.

Un sech ass et och wirklecht ubruucht vir den 2ten DVD ze kuken (wann én di Ausgab nach kritt) well d'Erklärungen di én hei krit sin op d'mannst esou wertvoll wi den ganzen Film.

En Film dén ech nëmme jidderengem kann empfehlen, dén keng Angscht virun sengen Gefiller huet, an beréd ass sech verzaubern ze lossen, an vriun allem einfach ze gléwen.

## EXPLO 2009

### « Hépp op d'Mousel » vum 25.-26.Abrëll

#### Samstes

Am ersten Tag haben wir uns um 14 Uhr beim Weinmuseum getroffen. Nachdem alle da waren haben wir mit den Aktivitäten angefangen. Wir waren in drei verschiedene Gruppen aufgeteilt worden. Die eine Gruppe hat erst die Koordinaten für den „Traget“ rausgefunden und eine andere Gruppe war das Museum besuchen gegangen. Im Museum gab es viele alte Sachen wie z.B. alte Traktoren und Traubenpressmaschinen und Weinreben anzuschauen. Auf der dritten Etappe sind wir noch einmal in zwei Gruppen aufgeteilt worden. Die eine musste mit gebundenen Füßen einen nassen Schwamm (Traube) durch einen Parcours tragen und dann in einem Becken ausdrücken, wessendessen die andere Gruppe probierte so schnell wie möglich mit Pfeilen Luftballons (Weintraube) zum platzen bringen. Wenn alle geplatzt waren, musste die andere Gruppe aufhören Wasser zu transportieren, und es wurde gewechselt.

Danach gingen wir bis bei den nächsten Posten mit Hilfe unserer herausgefundenen Koordinate. Einer von unserer Gruppe musste einen Turm bauen mit Hilfe von Weinkisten die er aufeinanderstapelte und danach raufkletterte. Alles war mit Seilen abgesichert. Dann mussten die andern in einer kurzen Zeit die wackelige Stirkleiter hinaufklettern. Da oben musste man dann kleine Steine (Trauben) in einen Eimer werfen und der auf den Turm hat den Eimer dann hinübergezogen um so die Trauben zu ernten. Es war aber uns nicht immer so gut gelungen. Danach haben wir den Rest des Weges gekriegt. Wir sind der Karte nachgegangen und sind bei dem Schlafplatz angekommen. Die Zelte waren schon aufgerichtet und wir haben an dem Tag Fleisch und Gemüse am Spieß mit gebratenen Kartoffeln gegessen. Eine Gruppe war später angekommen zum essen.

Nach dem Essen hatten wir ein Nachtspiel „Das Gänsespiel“ im Obstgarten. Wir hatten eine Plattform mit einem Weg mit Ziffern und immer wenn wir eine Frage richtig beantworten konnten wir würfeln. Wenn wir im Feld 3 standen, mussten wir den Zettel mit der Nummer 3 finden und da drauf stand eine Frage oder Aufgabe. Wenn wir sie wussten konnten wir weitergehen und den nächsten Zettel suchen. Es war nur schade dass die Zettel nicht plastifiziert waren. Ein paar sind im Regen gefallen und waren dann matschig. Nach dem Spiel sind wir in die Zelte schlafen gegangen.

#### Sonndes

Mir hunn ons frei moies op der Gare de Luxembourg getraff. Dann sinn mer alleguerten an den Bus geklommen, fir op Wellenstein ze fueren. Et huet ongeféier 30 Minuten gedauert bis mer do woren. Do ukomm hun mer e Carré gemaach an goufen an zwou Gruppen opgeelt. Dèi eng Grupp huet dobaussen Spiller gemaach an mir sinn fir d'éischt an d'Wäinkellerei gaangen, wou mer e Film gewisen kruuten an duerno hun mer eng Visite guidée vun engem Mann gemaach kruut, deen do geschafft huet. Et wor ganz flott an mir kruuten och e Glas Drauwenjus no der Visite ze drénken. Herno sinn mir den Bierg erop gaangen, wou mer dann giess hunn. Nom Iessen hun mer gespult an sinn dun op den Piste-postes duerch Wäinriewen gaangen, wou et e puer Posten gouffen. Wou mer färdech woren mam Trajet, sinn mir bei en Schëff unkomm, wou mer dann rangaangen sinn. Et wor eng Schifffahrt op der Mousel. Do hu mer ons och gudd amuseiert. Nom Schëff hun mer eng Gruppenphoto gemaach an duerno eng grouss Chaîne des adieux. Mir sinn dann erëm an den Bus geklomm fir Heem ze fueren.



Nicolas Piron



Lemoine Ludovic

# Programm Beaver de Beaver - Programm



## **Juni 2009**

06.	Gruppensortie	
13.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
20.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer
22.	Fackelzuch	
27.	Versammlung	14:00 - 16:00 Auer

## **Juli 2009**

04.	Léiwen Fest	
11.	keng Versammlung	
12.	POW-WOW	
16.	<b>D'SUMMER VAKANZ GEET UN</b>	

# Programm Meute de Meute - Programm



## Juni 2009

- 06. Gruppen sortie
- 13. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer
- 20. keng Versammlung
- 22. Faakelzuch + grillen an der Groussgaass
- 27. Versammlung 14:00 - 16:00 Auer

## Juli 2009

- 04. Léiwenfest
- 11. keng Versammlung
- 12. POW-WOW

# Programm Truppen - Programm



## Mai 2009

02.	Patrouillenversammlung	14:00 - 16:00 Auer
09.	Truppenversammlung	14:00 - 16:00 Auer
16.-17.	keng Versammlung	Roverweekend
23. - 26.	Pengschtcamp	
30.	Keng Versammlung	Vakanz

## Juni 2009

06.	Gruppensortie	op Saarbrekken
13.	Patrouillenversammlung	14:00 - 16:00 Auer
20.	keng Versammlung	
22.	Fackelzuch	
27.	Truppenversammlung	14:00 - 16:00 Auer

## Juli 2009

04.	Léiwen-Fiesta
11.	Nuit des Brevêts
12.	POW-WOW
18.-27.	MISÄRAQUA

## August 2009

Vakanz

## September 2009

19.	Gruppenversammlung	14:00 - 17:00 Auer
26.	Truppenversammlung	14:00 - 16:00 Auer

Tamia / Maxi / Gregory / Lex / Sarah

# Programm Explorer-Rover - Programm



## Juni 2009

06.	Gruppensortie op Saarbrécken	
13.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
20.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
22.	Fackelzuch an Grillen	R.V. 20:45 Käiffer
27.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer

## Juli 2009

04.	Léiwefest	
11.	Nuit des bevêts	
12.	POW-WOW	
17.-27.	Misäraqua	

## August 2009

15. - 16.	Holz- a Klammweekend zu Zëtteg	R.V. 8:00 Auer zu Zëtteg
-----------	--------------------------------	--------------------------

## September 2009

19.	Gruppenversammlung	14:00 - 17:00 Auer
26.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer

## Oktober 2009

03. - 04.	Montée	
10.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00 Auer
17. - 18.	Vizweekend	Fluesweekend
31.	Explorersortie	



## Beaver Funday 26.05.2009

Sonndes um 8:30 Auer hun d'Beaver alias BlueLionsPirates sech um Glacis beim Toiletten-Häuschen getraff. D'Piratenscheff vun der FNEL wor ennergaangen an leider wor bei desem Ongleck den wertvollen Schatz verluer gaangen. All eis Beaver hun gudd matgeschafft, hun vill posten geleist, fir den Schatz remzefannen. Eng kleng Paus ass et och gin Mettes fier daat di Piraten rem gudd an form fier den reicht vun der Schatzkaart ze leisen. Eemool d'leistung vum Rästel fonnt, huet all Grupp seng Schatzkaart am Piratenscheff gesicht an dun och den Schatz am Besch siche gaang.

Den Gold ass verdeelt gin an et huet hinnen gudd geschmaacht. ;-)

---

## RAPPORT PIRATENCAMP VUN DEN WËLLEF

Samsdes den 4. Abrëll 2009-04-20

Den Nicolas an ech sin nët an d'Staadt komm, mir hun déi Aaner Wëllefcher zu Zëtteg beim Busarrét getraff. Dun sin mir mam Charel eng Signe-de-Piste maachen gaangen, bis mir op Bech bei der Gare ukomm sin. D'Cheffen hun eis alles erkläert, dann sin mir eis Rucksäck op d'Better léen gaangen. Elo hun mir missten en Piraten-Test maachen. Mir sin an den Bësch gaangen an sin eng Sträckleeder erop geklomm, mir hun missten en Schëff ennteren an hun eis op engem Seel erriwer geschwongen, sin do iwwert Brieder balancéiert an hun nach mam Ennterhacken gehéit. Nom Owesessen hun mir nach en Nuetspill gemaach. Dem Piraten Kapitän seng Frau (d'Klinkerlilly) ass vun beisen Piraten entfouert gin. Nodeems mir 6 Saachen fond hun, konnten mir hatt erëm anlësen. Erëm beim Home ukomm sin mir an d'Bett gaangen.

MAX MAJERUS

---

## Patrullenversammlung 21/03/2009

Fir meng Patrullenversammlung krut ech d'Iddee Schmuck ze maachen.

Wëi ech ob d'Iddee komm sinn:

Meng Mamm ass Schmuckhierstellerin an mëscht Ketten souwëi och Ouereng(...). Meng Mamm huet ons och d'Material spendeiert. Waat ech alles dofier haat:

- Perlen
- Ficell (Droht)
- Zaangen, Schëieren an Noolen ....
- Gudd Laun J

Um 14:00 huet d'Versammlung ugefaang.

14:10 Mir hun gekuckt wien do ass, an hun an eis Präsenzläsch geschriwwen.

14:15 Mir hun d'Saachen rausgeholl an ech hunn erkläert waat mer haut maachen. Ech hun hinnen gesoot dass mer Ketten an Bracellet maachen.

14:20 Dunn hun mer ugefaangen Ketten an Bracellet ze maachen, jidfereen wor senger Kreativiteit hannerloß.

15:00 Die eischt woren färdech, an sie konnten eng Zweet machen.

15:30 Wor dèi zweeten färdech kruuten sie flott Praisser. (Nutella....)

15:45 Mir hun alles zesummengeraumt an gebotzt, an den Patrullensall wor schëin propper.

16:00 D'Versammlung wor färdech, an mir sinn all mat engem schëinen Bijoux an der Hand Heem gaangen an hun der Mamm ët geschenkt.

SCHAEFER Raphaël

# Rapport Activiteit Rapport Activiteit Beaver

## Péngschtcamp – Rapport

### 1. Dag

Mir sinn op der Gare fortgaang. Du si mir mam Zuch bis op Diddeléng gefuer. Dunn wor de Grizzly eis Rucksäck vun de Beaver siche komm. Mir missten zu Fouss bis an d'Home goen. Dohannen ware mir ganz ganz duuschtereg an hongereg. Mir haten awer nach net direkt giess, wéi mer eis et geduecht haten. Mir hate fir d'éischt e bëssi gespilt an eis Better gemaach an dann hate mer giess. Nom Owendiesse konnte mir nach dobausse spillen, bis dräimol gepaff ginn ass. Du si mir eis wäsche gaang. Mir haten nach een Owesspill gespilt. Dat war ee Spill wou mir gréng, roud, giel oder blo op d'Hand geschriwe kruten. Dunn hate mir eis gemëscht an an ee Krees opgestallt. Dunn ass d'Spill richtig ugaang. Do hat de Paul een Ziedel gezunn. Do stoung dann eng vun dene 4 Faarwen. Wann z.B. gréng um Ziedel stoung, dann dierften déi, di gréng op der Hand geschriwen haten, eng Platz no riets goen. Da stoung e vläicht virun engem vun enger anerer Faarw. Wann dann deen hannert deem gréngen roud huet an et gëtt roud gezunn, dann dierf dee rouden net wieder. Ween als éischten dee ganzen Tour gemaach hat, wor gewonn. Dono hate mer nach „faarwege Mann“ gespilt. Du sinn d'Beaver an d'Këscht gaang. Mir haten nach eng Geschicht erzielt kritt. D'Geschicht hat geheescht: Dat klenge Gielt an dat klenge Blot.

### 2. Dag

Nom Mëttegiessen hate mir ee klenge Rallye gemaach. Di Blo sinn als éischt fortgaang. 10 Minutten drop si mir, déi Gréng, fortgaang. Do ware mir op ee Poste komm, wou ee misst mat engem Löffel am Mond mat engem Ee ee Parcours goen, bei deem d'Zäit gestoppt ginn ass. Um 2. Poste hat een ee Wuert geflüstert kritt, dat hie soll spillen, awer hien dierf näischt soen. Du gouf och d'Zäit gestoppt, wéi laang mer gebraucht hunn, fir dat Wuert ze eroden. Um 3. Poste krute mer eppes ze schmaachen. Mat verbonnenen Aan misste mer erausfannen, wat et ass. Um leschte Poste, do misste mir ee Parcours lafen, wou d'Zäit gestoppt ginn ass. Du si mer zrëckkomm. Dunn hate mer gespilt, bis di lescht zrëckkomm waren. Dunn hate mer niamniammi gemaach. Dunn hate mer neess ganz vill gespilt. Owe hu mer nach ee Spill zesumme gespilt. Du si mir Beaver an d'Bett gaang.

### 3. Dag

De Mëtteg ware mir zu Betebuerg an d'Piscine gaang. Do haten ech an de Sam um Tameng an um Paul hire Schëllere gekämpft. Wéi mer erausgaang sinn, si mir an den Zuch gaang fir zrëck ze fueren. Deen Owend hate mir een Owesspill gemaach, dat war „Familienduell“.

### 4. Dag

Fir d'éischt hate mer d'Cheffen, d'Explorer, d'Scouten an d'Wëllef wakreg gemaach. Dann hate mer agepaakt, giess, gespilt an ech weess net wat nach alles. Zimlech zum Schluss hate mer vill Jacketten, Pulloveren a Gammellesäck denen zrëckgin, déi déi verluer haten. Zum Schluss hate mer eng grouss Rei gemaach, fir all den Dreck opzerafen. Fir Äddi ze soen hu mer eng „Chaîne des adieux“ gemaach an den Nicolas hat mat engem Cor d'Melodie gespilt. Dat war de Camp.

Grupp „Gréng“ Charel



Dëst Joër organiséieren d'Lions Bleus, Caper Piwitschen, Dippecher Dachsen, d'Mamer Wiselen an Panthère Noires nees e Misäraqua um Misärshaff.

Fir nees de Feeling vun 99 opliewen ze loossen, organiséieren mer Samstes den 25ten Juli eng Veillée. Hei sinn all Participant'en invitéiert, déi 1999 dobäi woren, fir mat eis e gemittlechen Owend um Haff ze verbrëngen.

Also haal der lo schons den Datum fräi, well daaf versprecht e flott Rëmgessinn ze ginn ☺

<sup>M</sup>weider Détailler kriss du an der nächster Wandrous oder per courrier.

Mat beschten Scoutsgrëiss

De Staff vum Misäraqua 2009



# et schéngt

# et schengt

- 01) dat onst Pony mam Gedanken spillt iergend eng kéier Chef de Groupe ze gin
- 02) dat verschidden weiblech Explorer onbedengt eng Waasserschluucht maachen, woubäi se dann natierlech patschnass gi woren
- 03) dat ënnert den Explorer och Warmduscher wieren, di nët ouni di alldeglech waarm douche kinnten mat op den Camp goën
- 04) dat verschidden al Rover oder jonk Amicale seit ëmmer an éiweg d'Hoër bis op den Asch haten
- 05) dat um Roverweekend vill Sprit verpolfert gi wier, an d'Rover bis an d'Belsch ënnerwé woren
- 06) dat den FEWEKA ofgesot gin wier (ass dat net eng première???)
- 07) dat och kleng Beaver wünten mat den groussen Bouwen pissen goen
- 08) dat och um Scoutscamp eng Schokolafondue nawell eng fäin Saach wier
- 09) dat soss um Scoutscamp traditionnel op d'mannst én Axt-Still, Hummer-Still, Beilen-Still oder soss en Still futti gemach gouf
- 10) dat d'Exploreretten den Ouschtercamtrajet ze laang fond haaten (hun se ze lang mussen dono sichen?)
- 11) dat dest Joër och 4-béneg Schoof um Beaver- an Wellefcherspengschtcamp gewiescht wieren
- 12) dat Nuets nawell vir Verkéier zu Dideleng wier um Bierg, an dat ët ëmmer erëm doteschent géiw bimmelen
- 13) dat op der Gare 4 Beaver verluer gang wieren
- 14) dat wéi wann den Rescht vun den Beaver sech och emol eng kéier géiert hätten
- 15) dat verschidden Pappien d'WANDROUS net richtig gelies hätten an dowéinst ze fréi um Camp opgetaucht wier
- 16) dat dëst di vierlescht WANDROUS vum aktuellen WANDROUS-Chefredakter wier
- 17) dat bei den Scouten anscheinend jiddern wëlkomm wier
- 18) dat den Layout vun dëser WANDROUS eng grimmel verännert wier (mé wém fällt dat schon op)
- 19) dat et relativ einfach wier sech d'Képpchen mat engem Felco-sécateur bal ze amputéieren

# et schéngt net nemmen

- 01) wéi wann dat awer nach mi lang géiw daueren well säin éischten Spiitsch iergendwéi mam Fändel hänken bliwwen as
- 02) wéi wann én weider patschnaas an den Kléder géiw erëmdüsen, ganz secher mat enger fermer Grippe am Bett géiw landen
- 03) wéi wann se ëmsou mi erliichtert woren wi den Chef de Groupe hinnen matgedélt hat dat vir si gesuert wier
- 04) wéi wann hien elo entweder den Asch erop oder den Kapp erofzéien missten vir dat nach fäerdeg ze brengen
- 05) wéi wann di zwétélt Branche sech nawwel gut amuséiert hätt, vielleicht well al Rover an al Autoen gut zesummen géifen passen
- 06) wéi wann béis Zongen sech d'Fro géifen stellen op den commissaire vielleicht zefill Arbecht hätt
- 07) wéi wann dat awer nemmen géif klappen wann den Chef se géiw héich genug ophiewen bis dat et kinnt plätscheren
- 08) wéi wann et awer anscheinend net esou einfach wier vir den Mënni ze fannen (nom Schokola dén um Dësch wor ze jugéieren)
- 09) wéi wann elo neierdengs 1 Frispi an 3 Bäll futti gemach géifen (d'Scouter gin awer wierklech ëmmer mi wëll an duerchdriwwen)
- 10) wéi wann et awer kiint dorunner leien dat se vill ze lues getrëppelt wieren (woren d'Pumps ze enk?)
- 11) wéi wann di arem Déiercher téschend dem Moies- an Owesbiberon bal dout gehémelt an geknuddelt goufen
- 12) wéi wann vir d'éischt Verkéier erop wier, dann Verkéier wier, an dann erëm Verkéier erof wier
- 13) wéi wann se den falschen Zuch geholl hätten, ni um Camp ukomm, an säithier an bis haut nët mi gesi gi wieren
- 14) wéi wann se des Kéier op der falscher Gare zu Diddeleng erausklomm wieren (alles ass eng Kéier vir d'éischt)
- 15) wéi wann dén Pappi sengem Bouf nemmen 2 Kalzongen agepaakt hat well en den drëtten Daag vergiess hätt
- 16) wéi wann den aktuellen WANDROUS-Redakter no 15 Joër net den couver,t mé den Redaktiounsschlüssel ofgéiw ginn
- 17) wéi wann dat bei eis awer net ganz géiw stëmmen, an domadder den Scoutismus an sengen Fondamenter géif a Fro gestalt gin
- 18) wéi wann dat net op Motivatioun mé ganz einfach op Computerproblemer an den Verloscht vun Fonten zeréck ze féieren wier
- 19) wéi wann et emsou mi schwierig wier d'WANDROUS mat engem zesummen gepechten Fanger ze maachen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeier Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

**D'WANDROUS N° 322 ass zesammengesatanfortgescheckt gin vun: Onbekannt, Onbekannt, Rat**

**Un der WANDROUS N°323 hun matgeschafft:**

d'WANDROUS-Team vun virun 20 Joren, Hugh McManners / www.amazon.de / rat bricoleur / www.geo.de / Janis Joplin / www.laut.de / Claude Goergen / VideoWoche / Nicolas Piron / Lemoine Ludovic / d'Maîtrisen vun den Beaver, der Meute, den Scouten, den Explorer, den Rover / Max Majerus / Schaeffer Raphaël / Grupp "Gréng" Charel / Maki / Tortue grogneuse

# Programm de WANDROUS - Programm

Mée '09

Juni '09

Juli '09


Fr	1		Mé	1		Mé	1	
Sa	2	Beaver/Meute/Patrull//Explorer	Dë	2		Do	2	Scout-Shop 17:30 - 19:30
So	3		Më	3		Fr	3	
Mé	4		Do	4	Permanence Scout-Shop 17:30 - 19:30	Sa	4	LEIWEN-FEST
Dë	5		Fr	5		So	5	
Më	6	Permanence	Sa	6	Gruppen-Sortie op Saarbrekken	Mé	6	
Do	7		So	7		Dë	7	
Fr	8		Mé	8		Më	8	
Sa	9	Beaver/Troupe/SIXPLO fir Sixer Schaffdag Home Explorer	Dë	9		Do	9	Scout-Shop 17:30 - 19:30
So	10	SIXPLO fir Wällef	Më	10	Permanence	Fr	10	
Mé	11		Do	11		Sa	11	keng Versammlungen Nuit des Brevêts
Dë	12		Fr	12		So	12	POW-WOW
Më	13	Permanence	Sa	13	Beaver/Meute/Patrull	Mé	13	
Do	14	FNEL-Shop 17:30-19:30	So	14		Dë	14	
Fr	15		Mé	15		Më	15	
Sa	16	Rover-Weekend Meute	Dë	16		Do	16	
So	17	Rover-Weekend	Më	17	Permanence	Fr	17	
Mé	18		Do	18	Scout-Shop 17:30 - 19:30	Sa	18	MISARAQUA
Dë	19		Fr	19		So	19	MISARAQUA
Më	20	Permanence	<b>WANDROUS EINSENDESCHLUSS</b>			Mé	20	MISARAQUA
Do	21		Sa	20	Beaver	Dë	21	MISARAQUA
Fr	22		So	21		Më	22	MISARAQUA
<b>WANDROUS EINSENDESCHLUSS</b>			Mé	22	Fackelzuch Grillen	Do	23	MISARAQUA
Sa	23	Päischtcamp	Dë	23		Fr	24	MISARAQUA
So	24	Päischtcamp	Më	24	Permanence	Sa	25	MISARAQUA
Mé	25	Päischtcamp	Do	25		So	26	MISARAQUA
Dë	26	Päischtcamp	Fr	26	<b>Wandrousredaktiounschluss 17:00Auer</b>	Mé	27	MISARAQUA
Më	27	Permanence	Sa	27	Beaver/Meute	Dë	28	
Do	28		So	28		Më	29	
Fr	29	<b>Wandrousredaktiounschluss 17:00Auer</b>	Mé	29		Do	30	
Sa	30	keng Versammlung	Dë	30		Fr	31	
So	31							

# Allerlescht WANDROUEN-Säeit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnel  
scouts & guides



Lo hun ech den Apparat  
dach allerléiwst an d'Strémp vun der  
Frauchen gepaakt an elo huet en awer sou  
ellen Fusselen an all dénen klengen  
Knäppercher.  
D'ka jo net sin! \*



\*That's all folks!